adrenalin
déi jonk adr

Lëtzebuerg, den 8 Mee 2010

Betrëfft: *Et gëtt awer nees un der Jugend gespuert!*

D'adrenalin ass vun der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun, déi eise Staatsminister de 5. Mee an der Chamber virun de gewielte Volleksvertrieder gehalen huet, souwéi vun deem Theater dat an den Deeg virdrun d'Vertrauen an d'Regierung staark beschiedegt huet, méi ewéi enttäuscht.

Mir stelle fest, datt de Gros vun den Aspuerunge bal nëmmen duerch d'Sträiche vu Projete realiséiert soll ginn ***an net duerch zukunftsorientéiert Léisungen***, déi iwwert déi nächst puer Joer eraus ginn. D'Jugend vun der adr vermësst an dësem Spuermoossnamepak eng laangfristeg Léisung, déi eis an Zukunft viru schwéieren Zäite schütze soll.

Esou begréisse mir et awer, datt de ***Projet Tram*** bis mindestens 2014 ausgesat gëtt. Mir appeléieren un d'Regierung, dee ganze Projet grondsätzlech nach eng Kéier ze iwwerdenken. No de ville Nodeeler déi den Tram erwissenermoosse mat sech bréngt (staark Behënnerung vum Bus- an Individualverkéier souwéi d'Ewechhuele vu Spuere fir deeselwechten, onflexibel Trass sou datt een awer verstäerkt Busser asetze muss, Verkéiersproblemer ronderëm d'Stad ginn heidurech absolut net geléist etc.), ass et onverantwortlech, de Stater Geschäftsleit nom Héichpunkt vun der Kris méintelaang Schantercher virun d'Dier ze setzen. Well fir eis den Tram grondsätzlech déi falsch Approche ass fir de ganze Verkéiersproblem ëm an an der Stad ze léisen, fuerdere mer d'Regierung an d'Stad Lëtzebuerg op, sämtlech Etuden a Preparatiounsaarbechte wéi Haltestellen etc. och op Äis ze leeën.
Fir eise Süddeputéierte Gast Gibéryen ze zitéieren: "*Déi falsch Léisung, och wann se méi bëlleg ass wéi déi aner, ass awer nach ze deier!*"

D'adrenalin huet och absolut kee Versteesdemech fir ***d'Sträiche vum Kannergeld*** ab dem 21. Liewensjoer fir Jonker, déi nach gäre studéiere ginn. Wéi mir schon an eisem leschte Kommuniqué drop higewisen hunn, kënnen esou an Zukunft nëmmen nach d'Kanner vun deene sozial méi staarke Familljen sech d'Studéiere leeschten. Dorunner wäert den ugestrieften Ausgläich duerch d'Bourse wéineg änneren. Et ass einfach onverantwortlech, datt e Jugendlechen sech schon därmoosse verschëlde muss, éier en iwwerhaapt an der éischter Virliesung souz. E Vergläich mam Ausland, wou dëst Normalitéit wier, kann an dierf keen Argument fir d'Ofschafung sinn! Et dierf een net vergiessen, datt grad d'Kannergeld e Faktor ass, mat deem ganz vill Jonker rechnen an ouni deen hier Planung net méi opgeet. Dës Moossnam trëfft ausserdeem och vill Grenzgänger, wourënner och eng ganz Rëtsch Lëtzebuerger sinn, déi, ënnert anerem duerch déi héich Immobiliepräisser, an d'not Ausland gedriwwe goufen.

adrenalin
4, Rue de l'Eau,
1449 Luxembourg

www.adrenalin.lu
info@adrenalin.lu

Mee domat net genuch, well och ***d'Encouragementsprime fir Unisstudenten*** sollen ewechfalen. Dat heescht, et gëtt nees eng kéier bei deene gespuert déi souwisou keng grouss finanziell Mëttelen hunn. Vill Studenten hu keen eegent Akommes an si frou iwwert all finanziell Hëllef déi se kréie kënnen. An deem Kontext sief bemierkt, datt d'Encouragementsprime vum 2ten a vum 3te Cycle dacks fir d'Zeréckbezuele vum Studenteprêt benotzt musse ginn, wann d'Studenten esou e Prêt hunn.

D'adrenalin stéiert sech och nach ëmmer un der geplangter ***Halbéierung vun der Kilometerpauschal***. Duerch déi exorbitant Zomme fir d'Wunne gi grad déi Jonk an och déi sozial méi schwaach Famillje gezwongen, ëmmer méi wäit Weeër zeréckzeleeën, fir bezuelbare Wunnraum ze fannen. Hei misst ee mindestens iwwert eng gestaffelt Kilometerpauschal nodenken.

Schlussendlech huet dem Här Juncker seng Deklaratioun dem Land gewisen, datt an der Regierung net nëmmen Onstëmmegkeeten, mee virun allem och eng ganz grouss Onsécherheet herrscht.

de Comité vun der adrenalin
matgedeelt, de 9. Mee 2010

adrenalin
4, Rue de l'Eau,
1449 Luxembourg
www.adrenalin.lu
info@adrenalin.lu